

## Gemeng Rammerich

# Gemengerotssëtzung vum 10. Mäerz 2022

### Dagesuerdnung:

- 1.) Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibleck op eng Bebauung.
- 2.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Projet mat dem Devis an de Pläng fir d'Ariichte vun engem Bësch-Kierfecht zu FLATZBUER.
- 3.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Projet mat dem Devis an de Pläng fir d'Konstruktioun vun enger neier Buvette beim Futtballterrain zu PÄREL.
- 4.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Projet mat Devis an de Pläng fir d'Erneuerung vum Mëschwaasserkanal an der Haaptstrooss zu HOULTZ.
- 5.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun de Konventiounen iwwer d'Bereetstëlle vu reliéise Gebaier.
- 6.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem notariellen Akt.
- 7.) Deliberatioun iwwer d'Ufro vun Zousatzkrediter bei den Artikelen 1/650/261100/99001 « Verkaf vu verschiddenen Terrainen » an 4/690/221100/99044 « Ukaf vum fräien Terrainen » aus dem aktuelle Budget vun de Recetten an den Depense vum lafenden Exercice.
- 8.) Deliberatioun iwwer d'Reklasséierung vu Parzellen
- 9.) Deliberatioun iwwer d'Unhuelen vun Zousätz zu de Konventiounen SEA (services d'encadrement et d'accueil) fir d'Joer 2021.
- 10.) Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vu verschiddenen drénglechen an zäitlech limitéierte Verkéiersreglementer.
- 11.) Deliberatioun iwwer d'Allokatioun vun engem ausseruerdentleche Subsid.
- 12.) Äntwerten op d'Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot.
- 13.) NET ËFFENTLECH SËTZUNG: Demissioun vun engem Gemengebeamten.

### Un der Sëtzung huelen deel:

Buergermeeschter- a Schäfferot: Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV)

Gemengerot: Michelle Brickler (DP), Sascha Hengen (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP), Patrick Schuller (LSAP).

Entschëllegt: Sonja KETTMANN (vu Punkt 3 un)

Gemengesekretär: Marc Pletgen, Redakter: Conny Wantz

## **Rapport vun der Sëtzung:**

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) deelt mat, datt déi nächst Sëtzung vum 28. Abrëll op den 2. Juni um 15.30 Auer geréckelt gëtt.

Da kommen nach dräi Punkten op Ufro vun der LSAP (Deierungszoulag, Verkéiersreegelung op der Baach zu Ueschdref a Resolutioun zum Ukrain-Krich) grad ewéi och e Punkt vum Schäfferot (finanziell Bähëllef fir d'Ukrain) bei d'Dagesuerdnung als Punkten 12.), 13.), 14.) a 15.) derbäi, sou datt d'Froen un de Schäfferot op 16.) an déi net ëffentlech Sëtzung op 17.) kommen. Domat sinn all Conseilleren averstane.

### **1 Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibleck op eng Bebauung.**

Op Ufro vun de Proprietäre soll eng Parzell an der Rue du Lavoir zu Bungeref an zwou Parzelle gedeelt ginn, am Kierchepad zu Rammerich gëtt en Terrain op dräi Parzellen opgedeelt, an an der Haaptstroos zu Wolwen gëtt e weideren Terrain op dräi Parzellen opgedeelt.

Dat gëtt eestëmmeg ugeholl.

### **2 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Projet mat dem Devis an de Pläng fir d'Ariichte vun engem Bësch-Kierfecht zu FLATZBUER.**

Fir de Projet fir d'Ariichte vun engem Bësch-Kierfecht am "Weierbësch" zu Flatzbuer läit en Devis vum Ingenieurbüro Luxplan S.A. fir, mat engem Total vun 174.200 €. Dovu sinn 14.000 € fir d'Entwécklung vum Konzept virgesinn, 78.600 € fir d'Ariichtung vun der Infrastruktur, de Weeër an der Parkplaz, 4.900 € fir Panneauen a Placketten a 76.700 € fir de Bau vun engem hëlzene Pavillon.

Als Verrieder vum Büro Luxplan stellt den Här Dan Nicolas de Conseilleren de Projet am Detail vir nodeems de Gemengerot sech schonn op der Plaz informéiert hat.

Zu Flatzbuer am Weierbësch soll bei der aktueller Holzlagerplaz e Bëschkierfecht entstoen. D'Plaz ass mam Auto ze errechen an hei soll och eng Parkplaz fir 30 Autoen ageriicht ginn, grad ewéi och en Ënnerstand, wou ee sech während der Bäisetzung ënnerstelle kann. Iwwer e Rondwee si

26 ausgesichte Beem ze erreechen, bei deenen d'Äsche vu jeeweils aacht Verstuerwenen (ouni Urnen) begruewe kënnen ginn. Déi eenzel Beem gi mat Plackette gezechent, an eng Iwwersiichtstafel informéiert iwwer d'Nimm an de Plang vun der Anlag, déi am Bedarfsfall nach vergréissert ka ginn.

D'Parkplaz an de bis zu 1,5 m breede Wee gi mat Schiefermaterial sou befestegt, datt se och mat engem Rollstull kënnen befuer ginn. An der Mëtt vum Bëschkierfecht ass och eng Streeplaz virgesin, fir déi Leit, déi hir Äsche verstreeën losse wëllen.

De Pavillon gëtt mat einheimeschen Douglasien an enger deels offener Bauweis gebaut mat enger Grondfläch vun 10 x 7 m a mat Schiefer gedeckt.

Op d'Froe vu verschiddene Conseillere(n) iwwer d'Organisatioun, d'Ofhale vun den Zeremonien, d'Personal an d'Aushiewe vun de Griewer huet d'Schäffin Myriam Binck (CSV) geäntwert, dat e geneet Reglement nach ausgeschafft muss ginn, wou och dat Organisatoresch an Administratiivt festgehale gëtt, an datt d'Gemeng am Prinzip nëmmen d'Infrastruktur zur Verfügung stellt, mee d'Familljen decidéieren, wéi d'Zeremonie ofgehale gëtt.

De Projet an den Devis ginn eestëmmeg ugeholl.

### **3 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Projet mat dem Devis an de Pläng fir d'Konstruktioun vun enger neier Buvette beim Fußballterrain zu PÄREL.**

Well den FC Les Ardoisiers Pärrel aktuell op dräi verschiddene Plazen etabléiert ass, soll een neit Gebai gebaut ginn an dem d'Sanitäreanlagen, d'Buvette an d'Materiallager ënnerbruecht ginn. Dëst Gebai soll op der Nordsäit vum Terrain opgeriicht ginn, an duerfir muss d'Spillplaz zur Parkplaz hi verréckelt ginn.

Den Här Bob FRIEDL stellt de Projet am Detail vir. Am Sanitärdeel soll e Vestiär mat Dusch a separater Toilette fir d'Arbitteren, an zwee Vestiären mat Duschen an Toiletten fir Dammen, Hären a Behënnerter ageriicht ginn, déi och iwwer eng separat Entrée fir de Public kënnen genotzt ginn.

D'Buvette vun 100 m<sup>2</sup> mat Bar ass geduecht fir 50 Persounen an nieft dem Materiallager vu 50 m<sup>2</sup> kënnen nach e Büro an eng separat Reserve fir Gedrénks. Vun der Buvette aus erlaabt eng verglaaste Front vu sechs Meter de Bléck op den Terrain. Och ass baussen eng kleng Plaz eventuell als Grillplaz virgesinn.

D'Gebai ass op d'Mëttellinn vum Foussballterrain ausgeriicht, a steet op engem Sockel vu 50 cm, fir datt een iwwer d'Spectateuren ewech op den Terrain gesäit. Duerfir sinn op béid Säiten Rampe fir Rollstill virgesinn.

D'Gebai gëtt aus Holz gebaut mat engem Pultdaach, dee fir Fotovoltaik geplangt ass, a gehëtzt gëtt et iwwer d'Chaudière vum Centre culturel.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erënnert drun, datt dës Projet scho laang diskutéiert gëtt, an datt et un der Zäit ass, datt och Pärrel

gutt equipéiert gëtt an datt uschléissend de Centre culturel misst renovéiert ginn.

D'Conseillère Myriam PICARD (LSAP) wëll wëssen, ob d'FLF d'Pläng scho gesinn an approuvéiert huet, an ob d'Vestiairen am Centre culturel weider hei bestoe bleiwen. De Patrick Schuller (LSAP) fënnt d'Vestiairen ze kleng an de Romain Rausch (DP) wëllt zousätzlech Informatiounen iwver d'Heizung an d'Fotovoltaikanlag.

No der Diskussioun weist de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) op déi aktuell Präisentwécklungen hin, sou datt een hei misst virsiichteg sinn. Den Devis gesäit fir dëst Gebai Käschte vun 980.796,96 € vir.

D'Pläng an den Devis ginn eestëmmeg ugeholl.

#### **4 Deliberatioun iwver d'Geneemegung vum Projet mat Devis an de Pläng fir d'Erneierung vum Mëschwaasserkanal an der Hauptstrooss zu HOULTZ.**

Den Devis fir d'Erneierung vun der Kanalisatioun vum Mëschwaasser an der Hauptstrooss zu Houltz gesäit fir dës Aarbechten Käschte vun 500.727,78 € fir, bei déi ronn 150.000 € TVA an Ingenieurskäschte kommen, sou datt den Total 650.000 € ausmécht.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) weist drop hin, datt am Kader vun den Aarbéchten un der Kläranlag eng Rëtsch Réier iwverpréift gi sinn, déi nët méi an der Rei sinn, an duerfir ersat musse ginn.

De kommunale techneschen Ingenieur Romain Paquet informéiert d'Conseillere am Detail iwver déi dräi Plazen, déi mussen erneiert ginn. Et sinn dëst 540 m Kanal, déi mussen nei verluecht ginn.

Nodeems de Conseiller Sascha Hengen (LSAP) Äntwerten op seng Froen no der Déckt vun de verluechte Réier krut, ginn d'Aarbéchten an den Devis vu 650.000 € eestëmmeg ugeholl.

#### **5 Deliberatioun iwver d'Geneemegung vun de Konventiounen iwver d'Bereetstelle vu reliése Gebaier.**

Mat dëser Konventioun stellt d'Gemeng Rammerich dem Kierchefong d'Kierche vu Pärel a vu Rammerich fir 9 Joer zur Verfügung. D'Konventioun gëtt automatesch em 9 Joer verlängert, wa si net mat engem Preavis vun 2 Joer gekënnegt gëtt. D'Indemnitét ass fir jiddereng vun den zwou Kierchen op 1.000 € pro Joer festgeluecht nom Index vun 2016 a beleeft sech deemno haut op 1.208,77 €. Donieft bezilt de Kierchefong fir déi zwou Kierchen jeweils 20% vun de lafenden Ënnerhaltskäschten.

Fir déi aner Kierchen a Kapellen, an deenen nëmmen zäitweileg en Déngscht ass, fir Kanddafen oder Hochzäiten, ass an enger weiderer Konventioun e Forfait vu 50 € pro Notzung festgehalten.

D'Conseillère Myriam PICARD (LSAP) begréisst et, datt elo eng Konventioun do ass a freet weider no der Notzung, der Notzung ausser reliéise Manifestatiounen, no de Compteuren fir de Stroum asw.

D'Konventioun ginn eestëmmeg ugeholl.

## **6 Deliberatioun iwver d'Geneemegung vun engem notariellen Akt.**

Duerch en notariellen Akt tauscht den Här Antoine Mangel en Terrain an der Rue du Nord zu Rammerich vun 41,10 Ar an zwee Terrainen vun 2,30 Ar an 3,60 Ar op der "Schock" mat engem Gesamtwäert vun 490.000 € mat der Gemeng Rammerich géint Terrainen um "Wëschbich" a "Schock" mat insgesamt 5,3565 Hektar an engem Gesamtwäert vun 140.000 €, sou datt d'Gemeng Rammerich fir den Ënnerschied 350.000 € bezilt.

Dës Transaktioun geschitt am Kader vun de Beméiunge vun der Gemeng Rammerich, fir en Deelbebauungsprojet ze realisieren, bei deem jonk Stéit Terrainen zu abordabele Präisser kréie kënnen grad ewéi och am Interessi vun engem Reewaasserbasséng mat Pompelstatioun fir Ofwaasser zu Schwiedelbrouch.

Den Här Mangel sengersäits engagéiert sech fir gratis eng Bande vun 8 m breet op dem Terrain vun 99,04 Ar op der "Schock" mat enger Fläch vu ronn 15 Ar fir déi zukünfteg Vëlospist tëschent Kietscht a Rammerich ofzestrieden, dee vun der Gemeng ëmzäint gëtt, an d'Gemeng Rammerich iwverléisst dem Här Mangel an dem spéideren Bauungsprojet gratis e Bauterrain vun ongeféier 5 Ar. Weider engagéiert d'Gemeng Rammerich sech, fir am Kader vun der Vëlospist eng Waasserleitung fir d'Veiperch mat ze verleeën an den Här Mangel behält d'Benutzerrecht um Terrain an der Rue du Nord, bis de Bauungsplang realiséiert gëtt.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erënnert un déi laang Verhandlungen, déi och nach duerch eng Ierfschaft eng Verspéidung kruten, a weist op Froe vun der Conseillère Myriam PICARD (LSAP) drop hin, datt d'Schätzung vun den Terrainen fir Bauland an der Gemeng bei 10.000 bis 12.500 € pro Ar leien a bei Akerland bei ronn 250 € pro Ar.

Den notariellen Akt gëtt eestëmmeg ugeholl.

## **7 Deliberatioun iwver d'Ufro vun Zousazkrediter bei den Artikelen 1/650/261100/99001 « Verkaf vu verschiddenen Terrainen » an 4/690/221100/99044 « Ukaf vun fräien Terrainen » aus dem aktuelle Budget vun de Recetten an den Depense vum lafenden Exercice.**

Fir souwuel de Wäert vun den afgetruedenen Terraine wéi och dee vun den ukaaften Terraine kënnen korrekt ze verbuchen, proposéiert de Schefferot fir

d'Krediter op deenen 2 Budgetsartikelen all Kéier em en Zousazkredit vun 350.000,00€ ze erhéigen. Wëll dee selwichten Zousazkredit souwuel op der Recettesäit wéi op der Dépensesäit derbäigesaat gëtt huet d'Décisioun keen Afloss op d'Resultat vum Budget.

Domat sinn all Conseilleren d'Accord.

## **8 Deliberatioun iwwer d'Reklasséierung vu Parzellen**

Well keng Reklamatioun iwwer d'Reklasséierung vun de Kadasternummere 530/7330 zu Flatzbuer an 186/2391 zu Foulscht erakomm ass, gëtt d'Reklasséierung vun dese Parzellen aus der privater an d'öffentlech Gemengepropriétéit definitiv eestëmmeg ugeholl.

Weider ginn d'Reklasséierung vun zwou Parzellen beim Monument zu Pärel an an der Ettelbrécker Strooss zu Kietscht, déi all Kéier viru Privathaiser leien, och eestëmmeg ugeholl.

## **9 Deliberatioun iwwer d'Unhuelen vun Zousätz zu de Konventiounen SEA (services d'encadrement et d'accueil) fir d'Joer 2021.**

Op Grond vun engem neie Kollektivvertrag fir d'sozial Hëllef- a Fleegedéngschter vun den Opfankstrukturen, sinn d'Aarbechtskonditiounen an d'Indemnitéiten ugepasst ginn.

Dës Ännerunge ginn eestëmmeg ugeholl.

## **10 Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vu verschiddenen drénglechen an zäitlech limitéierte Verkéiersreglementer.**

Wéinst Kanalisatiounsaarbechten an der Rue des Champs zu Pärel ass dës Strooss téschent der Rue du Moulin an dem Haus Nr. 47 vum 7. Februar bis zum Ofschloss vun den Aarbechte fir de Verkéier gespaart ginn. Zu Houltz an der Haaptstrooss huet den RGTR-Busarrêt "um Bur" missten am Kader vu Stroossebauarbechten a Richtung Flatzbur verluecht ginn. Vum 8. Mäerz bis den 25. Mäerz ass wéinst dem Verlée vun ënnerirdische Kabelen eng Stroossebunn vun der rue de la Montagne zu Hueschtert gespaart. Wéinst Uschlossarbechten un engem Haus gëtt een Deel vun der rue de l'Eglise zu Pärel vum 14. Mäerz bis den 4. Abrëll deelweis gespaart.

Déi entspriechend drénglech Verkéiersreglementer ginn nodréiglech eestëmmeg approuvéiert.

## **11 Deliberatioun iwwer d'Allokatioun vun engem ausseruerdentleche Subsid.**

Op d'Ufro vum Organisationscomité vum "World Rescue Challenge 2022", deen vum 7. bis 11. September am "Centre National d'Incendie et de Secours" vum "Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Secours" (CGDIS) organiséiert gëtt, proposéiert de Schäfferot, hinnen en ausseruerdentleche Subsid vum 250 € ze iwwerweisen, wat eestëmmeg ugeholl gëtt.

## **12 Deliberatioun iwwer d'Upassung vun der Deierechts-Zoulag**

Op Wonsch vun der LSAP diskutéiert de Gemengerot iwwer eng Upassung vun der kommunaler Deierechts-Zoulag entspriechend der Entwécklung vun der entsprecherender staatlicher Zoulag. D'Conseillère Myriam PICARD (LSAP) weist op déi aktuell prekär Lag hin, duerch déi d'Beneficiaire vun dëser Zoulag op dës Suen ugewise sin. Si schléit vir, d'Zoulag fir 1 Persoun vun 330 op 413 € ze erhéijen, fir 2 Persounen vun 660 op 826 €, fir 3 Persounen vun 715 op 894, fir 4 Persounen vun 770 op 962 a fir 5 Persounen a méi vun 825 op 1.021 €.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) ass sech där Situatioun bewosst an hält fest, datt net nëmmen déi Leit concernéiert sinn, déi ëmmer betraff sinn, mee och déi Leit, déi knapp driwwer leien, an hei wier d'Regierung gefuerdert. Als Gemeng wier een net dergéint an et géif een dat iwwerpräiwen, well een dat elo sou kuerzfristeg net konnt maachen an da kucken, wéi een dat kann upassen.

## **13 Motioun iwwer e Verkéiersreglement fir de Wee op der Baach zu Ueschdrëf**

Well dësen enke Verbindungswee tëschent dem CR 313 an dem CR 308 zu Ueschdrëf a béide Richtungen ëmmer méi staark befuer an domadder geféierlech ass, virun allem well keng Auswäichméiglechkeet do ass, schléit d'LSAP fir, hei e Verkéiersreglement auszeschaffen fir dës Situatioun ze berouegen.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) versprécht, am Schäfferot no enger Léisung ze sichen, woubäi an der Gemeng d'Feldweeër net reglementéiert wieren, an et och problematesch wier, fir dës Wee ze spären. Och d'Schäffin Myriam Binck (CSV) weist drop hin, datt ganz vill Awunner hei erop fueren, fir do spadséieren ze goen. Eng Léisung wir, fir de Mëtteldeel ze spären, sou datt eng Sakgaass entsteet, duerch déi nëmme landwirtschaftlech Maschinne fueren däerfen.

D'Motioun gëtt eestëmmeg ugeholl.

## **14 Resolutioun iwwer d'Verurteelung vun der militärescher Aggressioun géint d'Ukrain**

Mat enger Resolutioun, agereecht vun der LSAP, déi d'militäresch Aggressioun géint d'Ukrain als Verletzung vum internationale Recht uklot an an där sech de Gemengerot schockéiert weist iwver déi onmenschlech Situatioun an där dat ukrainesch Vollek elo ass, soll de Schäffen- a Gemengerot a sengem eegenen Numm, nieft der Resolution vum Syvicol, e kloert Zeeche fir de Fridde setzen.

Dëst gött eestëmmeg vum Gemengerot approvéiert.

An deem Kontext mécht de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) en Appell un d'Populatioun, déi Wunnenge fir Refugiéën zur Verfügung stelle wëllen, sech bei der Gemeng ze mellen an och eidel Wunnengen ze mellen. Um Staat an um Syvicol wier et, fir de Gemenge kloer matzedeele, wat si an dësem Fall maache kënnen.

## **15 Finanziell Hëllef fir d'Ukrain**

Op Ufro vun der "Rambrouch Help Ukraine", déi mat Ënnerstëtzung vu Voyage Unsen an Eco Renov Näerden mat zwou Camionnetten an Unhänger mat Hëllefsgidder op d'polnesch-ukrainesch Grenz fueren an duerfir eng finanziell Ënnerstëtzung vun der Gemeng fir den Diesel gefrot hunn, schléit de Schäfferot e Subsid vun 1.500 € vir.

Fir Associatiounen, déi de Leit aus der Ukraine hëllef, ze ënnerstëtze proposéiert de Schefferot fir déi 5.000 €, déi am Budget fir humanitär Donen virgesi sinn, a jeweils 2.500 € fir "Médecins sans Frontières" a fir "SOS Kannerdierfer" opzedeele.

Och domatt sinn all Conseilleren averstan.

## **16 Äntwerten op d'Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot.**

Op d'Fro vun der LSAP iwver den ënneschte Waasserbehälter vu Foulscht an d'Zukunft vun der Waasserversuergung zu Foulscht an zu Hueschtert weist de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) drop hin, datt deen a Reserv bleibt an d'Waasserversuergung ënner anerem duerch nei Leitungen an der Rue Principale an d'Ausschaffe vun engem Detailplang assuréiert ass.

Zwou weider Froen befaasse sech mat Trottoiren zu Hueschtert an der Rue Principale an op der Bréck, déi an engem schlechten Zoustand resp. knaschteg wieren, wourop de Buergermeeschter seet, esou Fäll sollten d'Conseilleren dach w.e.g. direkt beim techneschen Service mellen.

Op d'Fro, firwat de Walbüro zu Hueschtert 2017 ewechgefall ass, a wat fir 2023 virgesi wier, sot de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV), dëst wir geschitt wéinst der schlechter Accessibilitéit an dem Feele vu Sanitäreanlagen op dëser Plaz.

Zu verschiddene Problemer mat der Heizung- a Ventilatiounsanzlag am Gebai vum CIS Rammerich um Riesenhaff, de méiglechen Alternativen an



dem Deplacement vum Trockner weist de Buergermeeschter drop hin, datt déi bëllegst Soumissioun nët ëmmer déi Bescht wir, an hei bëllegt Material geliwwert gi wir, an ee beméit wir, fir déi Responsable op d'Plaz ze kréien.

Am Fall vum Deplacement vun Trockner misst de Schäfferot no enger Léisung sichen.

Eng weider Fro, betreffend eng Persoun, déi mat Entretiens-Aarbechten un der Beschëlderung vun de Wéer beschäftegt ass, beäntwert de Buergermeeschter, well et sech ëm eng Personalfro handelt, an der uneschléissender net öffentlecher Sëtzung.

Eng läscht Fro am Zesummenhang mam Bëschkierfecht well d'Positioun vum Schäfferot vis-à-vis vun enger Bedeelegung vun der Gemeng Rammerich um Krematorium-Syndikat vun Hamm wëssen.

Dës Decisioun soll laut Schäfferot zesumme mam Reglement iwver de Bëschkierfecht falen.

## **17 NET ËFFENTLECH SËTZUNG: Demissioun vun engem Gemengebeamten.**

An enger net öffentlecher Sëtzung hëllt de Gemengerot d'Demissioun vun engem Gemengebeamten un.